



# FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



## Rapport Referees' Commission - 25.04.2023

Present : Courtois, Geib, Keiffer, Simonelli, Weinzierl

Entschëllegt : Frieden, Frieseisen, Kröpelin, Nesser, Volz, Weber

### 1) **Adoptioun vum Rapport vum 21.03.2023**

### 2) **Arbitter Austausch :**

*De Weekend vum 24. – 27 Mäerz waren 2 éisträichesche Arbitter zu Lëtzebuerg fir 2 Matcher an der AXA-League Hären an ee bei den Häre-Reserve ze päifen. De Weekend vum 14. – 17. Abrëll waren am Austausch den Eric Schroeder an de Mike Dickes an Éisträich, fir 3 Matcher bei hinnen (emol Future Team, emol Challenge an emol Meisterliga) ze leeden.*

*D'Réckmeldunge vun alle Parteien ware positiv. Mir soen allen, déi dozou bäigedroen hu, villmools Merci.*

### 3) **Pensioun :**

*No jorelaangem Asaz a gefillten 50 Joer un der Päif, ass d'Zäit komm fir de Jean-Marc Facchin an de Branko Sarac an hier verdéngte Pensioun ze goen.*

*Si päifen hire leschten offizielle Match den 13.05.2023 an der F-AXA-POTI tëschent der Red Boys Differdange an dem CHEV Diekirch. Mir soen hinnen een grouse Merci fir hir geleschten Déngschter.*

### 4) **EHF-Delegué :**

*Vum 20. – 23. Abrëll war de Patrick Simonelli zu Wien an der Formatioun fir EHF-Delegué. No ustrengenden Deeg mat villen Tester, huet hien säin EHF-Badge krut. Mat Linster/Rauchs (IFH/EHF) an Weber/Weinquin (EHF) als Arbitter, souwéi dem Patrick Simonelli an dem Paul Nesser als Delegué, ass Lëtzebuerg gutt op europäeschem Niveau vertrueden.*

### 5) **IHF :**

*De Philippe Linster an den Alain Rauchs ware vum 23. Abrëll bis den 1. Mee op dem 4th IHF Men's Emerging Nations Championship zu Varna a Bulgarien, wou si bei 6 Matcher entweder als Arbitter oder als Reserve-Koppel agesat goufen.*



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu  
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

LU<sup>EMBOURG</sup>  
LET'S MAKE IT HAPPEN





# FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



## 6) **Display vun 2Minutte-Strofen :**

*Fir d'Émwelt ze schounen, wëll d'RefCom lues a lues d'2'-Ziedelen ofschaffen. Dofir sollen ab elo KENG Ziedele méi gebraucht ze ginn, falls folgend Konditiounen erfëllt sinn :*

- Unzeigetafel / Tableau ass gutt siichtbar vu deenen 2 Auswiesselräim aus
- 2 Minutten AN d'Nummer vum Spiller kënne ugewise ginn
- Déi 2 Mannschaftsverantwortlëch ginn informéiert, dass keng Ziedele gebraucht ginn (dëst an der Iwwergangszäit fir Feeler ze vermeiden)

*Et sollen awer e puer 2'Ziedele parat leie, falls et Problemer ginn.*

## 7) **Reegeltest an Laftest :**

*D'Reegel- an d'Laftester fir d'Saison 2023-2024 sinn den 08. Juli 2023 an den 09. September 2023 geplangt.*

*Krittären déi festgeluecht goufe sinn :*

*Reegeltest AXA 80% aner Divisiounen 75%*

*Laftest AXA-Männer 8.1 , AXA-Fraen 7.5*

*Och wäerte mir dëst Joer nees e Stage hunn, an zwar vum 25. – 27. August 2023.*

**SAVE THE DATE**

## 8) **C-Cours :**

*Fir Ufank der Saison 2023-2024 ass och nach e neien C-Cours geplangt fir nei Arbitter. Mir froen d'Clibb elo schonns Reklamm ze maachen an déi Leit déi Interessi hunn ze informéieren. Wieder Detailer kommen, soubal alles mam ENEPS ofgeschwat gouf. Um-elle kënne d'Kandidaten sech awer scho mam Formulaire den ënner*

*<https://www.flh.lu/ref>*

*ze fannen ass.*

**Ofschloss-RefCom Freides den 09. Juni 2023**



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu  
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 ■ BIL LU90 0024 1008 3380 0000

**LU EMBOURG**  
LET'S MAKE IT HAPPEN

